pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2026.71317.SECR

Péiteng, den 13. Mee 2026

**Betreff: Är Froe vum 13. Abrëll 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Désirée Goetzinger - Tel.: 50 12 51 - 3003)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 13. Abrëll 2026 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*An der Gemengerotssëtzung vum 24. Februar 2026, ware follgend Punkten op der Dagesuerdnung*

*- 3.8. Hall polyvalent « Sportshal » à Rodange – remplacement du sol sportif amortissant : vote du décompte – décision*
*- 3.9. Hall polyvalent « Sportshal » à Rodange – rénovation de l'installation d'alimentation en eau pluviale : vote du décompte – décision*
*- 3.10. Hall polyvalent « Sportshal » à Rodange – remplacement des portes extérieures de la salle des sports : vote du décompte – décision*
*3.11. Hall polyvalent « Sportshal » à Rodange – réaménagement du système d'évacuation des eaux de surface : vote du décompte – décision.*

*An dëse Punkten ass em den Decompte gaangen, betreffend de Waasserschied an der "Hall polyvant zu Rodange", déi duerch d'Heischwaasser entstanen si, ze approuvéieren.*

*Eng Zomme vun insgesamt 180.119€ huet d'Gemeng des Waasserschied an seng Suitë kascht.*

*An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:*

*1. Op Nofro an der Gemengesëtzung vum 24. Februar 2026, an an de Gemengerotssëtzunge vum 18. November 2024, op d'Gemeng een Deel vum Schued iwwert eng Assurance kéint iwwerhuelen, war d'Äntwert allkéiers an de Sëtzungen "nee"!*

*Huet d'Gemeng fir eis ëffentlech Gebaier (Schwemmen, Sportssäll, Salle polyvalent, Musekssäll, Maison relais, etc) eng Assurance, déi ënnert anerem fir Waasserschied opkënnt?*

pétange
MOTIVATION COMMUNE

*2. Wisou, gouf d'Assurancen an de Punkten 3.8.- 3.11. fir d'Waasserschied net benotzt?*

*3. A wéi enge Fäll ginn an der Reegel, d'Assurancë benotzt? Waren d'Héichwaasserschied zu Rodange an der "Sportshal" (Salle polyvalent) net pertinent genuch?*

*4. Op wat sinn eis ëffentlech Gebaier assuréiert?*

*5. Leider sinn och ëmmer méi Vandalismus Fäll (ënnert anerem rezent zu Rodange an der Schoul), déi der Gemeng zu Schued kommen, wéi huet et sech hei mat den Assurancen?*

*Mat Respekt,*

*Chris Bernard*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Här Bernard,

Mir bezéien eis op Äre Bréif vum 13. Abrëll 2026 an deelen Iech Follgendes mat:

1. Jo, d'Gemeng huet fir sämtlech ëffentlech Gebaier eng Assurance, déi ënnert anerem fir Waasserschied opkënnt.

2. Eis Assurance ass fir déi genannte Waasserschied opkomm bis op d'Franchise contractuelle, wat an dësem Fall 26.500€ waren.

3. D'Assurance gëtt ëmmer benotzt an de Fäll wou mir dofir veréchert sinn, also och Héichwaasserschied.

4. D'Gemengegebaier si bei der LALUX am Kader vun engem Versécherungskontrakt vum Typ „tous risques sauf -" versécheert. Dëst bedeit, datt prinzipiell all Schied gedeckt sinn, ausser déi, déi ausdrécklech an de generelle Kontrakt-Konditiounen ausgeschloss sinn.

Zousätzlech zu dëser allgemenger Deckung sinn déi follgend Garantien am Kontrakt explizit mat abegraff:

- Elektresch Schied,
- Vol,
- Äerdbiewen,
- Iwwerschwemmungen,
- Terror-Akten,
- all Risiken am Beräich vun elektroneschen Anlagen,
- Maschinne-Broch,
- a Käschte fir d'Rekonstitutioun vun Donnéeën.

5. Eis Assurance kënnt och fir Vandalismus op.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi sur rendez-vous jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118